QU n° 2863

Här Fernand Etgen
President vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 21. September 2020

REÇU
Par Christine Wirtgen , 10:48, 21/09/2020

Här President,

Esou ewéi den Artikel 84 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden Iech, dës drénglech parlamentaresch Fro un den d'Madamm Minister fir Gesondheet weider ze leeden.

An de leschten Deeg konnt een op de sozialen Netzwierker vu Fäll liesen, wou Enseignanten a Quarantaine gesat ginn, awer trotzdeem autoriséiert ginn hir Couren ze halen. Den Direkter vun der Santé berifft sech an de jeeweilegen Autorisatiounen op den Artikel 7, Paragraph 3, Alinea 3 vum Gesetz vum 17. Juli 2020 dee folgendes festhält:

« La personne concernée par une mesure de mise en quarantaine peut se voir délivrer un certificat d'incapacité de travail ou de dispense de scolarité en cas de besoin ainsi que, le cas échéant, une autorisation de sortie sous réserve de respecter les mesures de prévention précisées dans l'ordonnance. »

An dësem Kontext géif ech gäre folgend Froen un d'Regierung stellen:

1. Wéi vill Fäll vu Léierpersonal dat a Quarantaine gesat gouf an awer soll schaffe goe, ginn et am Moment?
2. Sinn esou Autorisatioune, fir trotz Quarantaine dierfe schaffen ze goen, och schonn an anere Beruffer ausgestallt ginn?
3. Wa jo wéi vill an a wéi enge Beruffer?
4. Goufen et schonn Demandë fir vun esou enger Autorisatioun ze profitéieren déi refuséiert goufen? Wa jo, aus wéi engem Grond?
5. No wéi enge Critèrë kann esou eng Autorisatioun ugefrot gi vu Betriber oder vun Independanten?

Här President, ech bieden Iech mäin déifste Respekt unzehuelen.

Martine Hansen
Deputéiert

Le caractère urgent de la question a été reconnu (21.09.2020)

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

Dossier suivi par: JOME Laurent
Tel: 247 85510
Email: laurent.jome@ms.etat.lu

Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlement
Service central de Législation
5, rue Plaetis
L-2338 Luxembourg

REÇU
Par Christine Wirtgen , 14:20, 22/09/2020

Luxembourg, le 22 septembre 2020

**Réf. :** 831x15537

**Concerne**: Question parlementaire urgente n° 2863 du 21 septembre 2020 de Madame la Députée Martine Hansen

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe la réponse commune de Monsieur le Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse et de la soussignée à la question parlementaire urgente n° 2863 du 21 septembre 2020 de Madame la Députée Martine Hansen concernant la "Mise en quarantaine du personnel enseignant".

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'assurance de ma considération très distinguée.

**Pour la Ministre de la Santé,**

**Anne CALTEUX**
**Premier Conseiller de Gouvernement**

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

**Réponse commune de Madame la Ministre de la Santé et de Monsieur le Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse à la question parlementaire urgente n° 2863 du 21 septembre 2020 de Madame la Députée Martine Hansen concernant la "Mise en quarantaine du personnel enseignant".**

*Wéi vill Fäll vu Léierpersonal dat a Quarantaine gesat gouf an awer sollschaffe goe, ginn et am Moment?*

Tëschent dem 15/09 an dem 21/09 sinn am ganzen 93 Enseignanten a Quarantaine gesat ginn mat enger Autorisatioun de sortie fir schaffen ze goen.

*Sinn esou Autorisatioune, fir trotz Quarantaine dierfe schaffen ze goen,och schonn an anere Beruffer ausgestallt ginn?*
*Wa jo wéi vill an a wéi enge Beruffer?*

Esou Autorisatiounen goufen bis elo net ausgestallt fir aner Beruffer. D' Direktioun vun der Santé huet awer eng Prozedur virgesinn an deem Sënn fir d' Gesondheetsberuffler an der Spideeler an an de Maisons de soins falls et do zu Enkpäss beim Personal géif kommen. Et wär duerchaus méiglech dann Personal an der Quarantän schaffen ze loossen, natierlech ënnert ganz strengen Oplagen (Equipement de Protection Individuel - EPI). D' Direktioun vun der Santé huet awer bis elo keng esou Autorisatioun mussen ausstellen.

*Goufen et schonn Demandë fir vun esou enger Autorisatioun ze profitéieren déi refuséiert goufen? Wa jo, aus wéi engem Grond?*

Den Direkter vun der Santé huet bis elo nach keng Demanden fir esou Autorisatiounen am Kontext vun der Aarbecht krut.

*No wéi enge Critèrë kann esou eng Autorisatioun ugefrot gi vu Betriber oder vun Independanten?*

All Bierger deen ënnert Quarantän gesat gëtt, kann esou eng Autorisatioun beim Direkter vun der Santé ufroen. All Demande gëtt individuell gepréift ob Basis vun der Drénglechkeet (wéi schnell muss déi Aktivitéit gemaach ginn ? kann si net bis no der Quarantän waarden ?), der Wichtegkeet (ass déi Aktivitéit essentiell ?, wat sinn d 'Konsequenzen fir de Betraffenen wann si net elo gemaach ka ginn ?) an der Duerchféierbarkeet (ass et méiglech d' Aktivitéit esou duerchzeféieren, dass de Risk vun enger eventueller Contaminatioun vun Drëttpersounen ausgeschloss ass ?).